

Sangen a geselleg Lidder zu Lëtzebuerg

Damien Sagrillo (Universitéit Lëtzebuerg) – Georges Urwald (BnL/Cedom)

Détails

Titre	De Georgy : Lëtzebuerg Lidderbuch
Complete Title	De Georgy : Lëtzebuerg Lidderbuch / vum Georges Urwald ; Edituren Bibliothèque nationale du Luxembourg an Zesummenaarbecht mam Institut européen de chant choral Luxembourg (INECC) a mam Stued Theater
Auteur	Urwald, Georges, 1971 -, auteur
Contributeur	Stued Theater (Luxembourg), éditeur intellectuel ; Bibliothèque nationale du Luxembourg, éditeur intellectuel ; Institut européen de chant choral (Luxembourg), éditeur intellectuel
Contenu	Band 1 Geselleg Lidder : A-D Band 1 Geselleg Lidder : E-Z Luxembourg : BnL
Éditeur	
Date de création	2023
Format	1 vol. en 2 fascicules (635 p.) impression
Langue	Luxembourgeois

D'Geschicht vu Lidderbicher kann ee bis op vereenzelt mëttelalterlech Manuscripter zeréckverfolgen. Et ass awer virun allem zënter dem Enn vum 18. Joerhonnet zwéi zu Lëtzebuerg déi eischt Sammlungen erauskommen, dacks nëmmen mat Texter an ouni Nouten (z. B. d'*Allgemeines Gesangbuch zum Gebrauch der Chur- und Pfarren in den Rheinischen Landen*, Coblenz: Himmels- und Eßlingerischen Buchhandlung 1786). Weinst der Noperschaft vun Tréier zu Lëtzebuerg ass dëst Buch interessant. Bis zu d'Konkordat vum Napoleon 1801 stoungen zwee Drëttel vun de Poren zu Lëtzebuerg ënnert der fréierer Äerzdiözees Tréier.¹

Déi eng Verbindung tëschent Sangen a Kierch bestëmmt deemno ufanks zu Lëtzebuerg Form an Inhalt vum Gesangsbuch. Doniewent sinn et d'Schoulgesangsbicher, déi den Ufank vun der gedréckter Gesangsliteratur ausmaachen. Dacks ass et och d'Zesummespill vu Kierch a Schoul, dat zu enger Publikatioun gefouert huet. Schoulgesangsbicher ware fir den Drock vun der weltlecher Autoritéit fräiginn; de Bëschof hat d'Imprematur fir d'Kierchegesangsbicher.

Hei e puer Beispiller vu Gesangsbicher aus dem 19. Joerhonnet zu Lëtzebuerg:

- Heinrich Stammer: *Katholisches Gesangbuch für Kirche, Schule und Haus im Grossherzogtum Luxemburg*. Luxemburg: J. Lamort 1823
- Heinrich Oberhoffer: *Die Kleinen Sänger: Sammlung ganz einfacher und leichter Schullieder zum Singen nach dem Gehöre*. Luxemburg: Gebrüder Heintze 1862
- Franz Josef Thinnies: *Liederbuch: erstes Heft, enthaltend 100 meistens zweistimmige Lieder für Primär-Schulen, nebst einem Anhang Vaterlandslieder*. Luxemburg: Viktor Bück 1863
- Laurent Menager: *Theoretisch-praktisches Gesangbuch zum Gebrauche in Primär-Schulen*. Luxemburg: Viktor Bück 1866
- [o. A.]: *Luxemburger Soldaten-Liederbuch*. Luxemburg: Wilhelm Stomps 1905

D'Gesangsbicher sinn dacks no Textkategorien opgedeelt, woubäi gären inhaltlech (z. B. Libes- oder geeschtlech Lidder), soziologesch (z. B. Drénklidder), méi zweckméisseg (z. B. Wander- oder Zaldotelidder) oder esouguer formal (z. B. Véierzeiler) Aspekter berücksichtegt ginn. Oft passe vill Lidder gläichzäiteg a verschidde Kategorien.

Gesonge gouf zënter dem 19. Joerhonnet virun allem an de Gesangsveräiner an natierlech an der Kierch. De Gesang gehéiert zur Alldagskultur a begleet de Mensch a ville vu senge Liewenssituatiounen.

Alldagsmusek gouf fréier zu Lëtzebuerg dacks an den Uechte gelieft. Déi laang Wanterowender hunn d'Leit zesumme verbruecht, och fir Hëtzes ze spueren. Si hunn zesumme gesongen a goung verschidde Beschäftegungen ewéi Kaartespillen oder Spannen no (z. B. *Wéi meng Mamm nach huet gesponnen*

1 – vgl. Hellinghausen, Georges: *Kleine Diözesangeschichte Luxemburgs*, Münster: Aschendorff 2020, S. 33.

(vgl. Sait 628) vum Michel an Edmond Lentz). Bei alideeglechen, méi monotonen a repetitiven Aarbechten, ewei zum Beispill bei der Feldaarbecht, gouf och gesongen, fir d'Zäit ze verkierzen a fir en Aarbechtsrhythmus ze fannen.

Mat der Ënnerhaltung 'vu baussen' goung den Alltagsgesang staark zeréck. Déi kleng Kanner krielen doheem Lieder virgesongen, fir dat si sech berouegen oder fir besser anzuschlofen. Lieder sinn hautesdaags och Deel vun allideegleche Ritualer an de Crechen an an der Grandschoul. An de Lycée komme Jugendlicher evl. mat Gesang a Bereierung a maache positiv Erfahrungen. Institutionen ewei d'INECCLetzebuerg (Institut européen de chant choral) bidden regelmeéssig Atellieren a Gesangsprojete fir Jonk an Al un. Op Wälfester oder Fuesbaler gëtt dacks nach d'Freed um gemeinschaftleche Sange gedeeit.

Fuerscher sinn dovun iwwerzecht, datt d'Leit aus gesellschaftleche Grënn iwwerhaapt sangen, datt de Mensch besonnesch ofhängeg vu soziale Bezéiungen ass, an datt Musek eréischt doduerch entstanden ass, datt de Mensch zu enger sozialer Grupp gehéiere wollt.

Sange gëtt institutionaliséiert

D'Sangen an der Ëffentlecheek ass zu Lëtzebuerg enk mat den opkommenden, méi liberalen Rechter verbonnen. D'Verassung aus dem Joer 1848 gëtt de Bierger vu Lëtzebuerg d'Recht, Veräiner ze grënnen d.h. sech a soziale Gruppen zesummenzefannen. Am Joer 1852 gëtt et am Grand-Duché scho ronn zwanzeg Museks- a Gesangsveräiner. Déi nei zivil Fräiheeten hellere séier engem musikaleschen Amateurismus, an en eischen nationale Museksconcours gëtt op d'Beee gestallt. D'Regierung heët d'Proklamatioun vum Versammlungs- an Associationsrecht. Eescht a gëtt eng finanziell Hëllef u Gemengen, déi Veräiner op de geplangte Concours schécken. Mat ongeféier 6.000 Zuschauer ass den Interessi vun der Ëffentlecheek grouss.² Dës Ziel ass bei enger deemoleger Gesamtbevölkerung vun ongeféier 150.000 Leit an der limitierter Mobilitéit, e Beweis fir d'Bedierfnis vun de Lëtzebuurger fir zivil Fräiheeten a fir d'musikalesch Ënnerhaltung.

26. Veräiner grënnen am Joer 1893 den ALM, den Allgemeiner Luxemburger Musikverein, de Vireefer vun der halteger UODA. De liberaler Politiker August Fischer gëtt President an de Jean-Antoine Zinnen musikaleschen Direkter. De 5. Juni 1864 féiert zu Eitelbréck dat offiziellt Stéitungsfest mat 550 Musikanten a Sänger aus 28 Veräiner statt. Fir des Geleeënheet vertout de Jean-Antoine Zinnen d'patroiescht Gedicht Ons Heemecht (vgl. Sait 538) resp. D'Velzecht vum Michel Lentz aus dem Joer 1859, dat spéider d'Lëtzebuurger Nationalhymn gi soll.

Natierlech kënn och de Gesang an der drëtter Strophen vum Lidd zu éieren:

Gesank, Gesank vu Bierg an Dall

Der Ierd, déi ons gedro'n;

D'Leift huet en treie Widderhall

A judder Broscht gedo'n;

Fir d'Heemecht ass keng Weis ze schéin;

All Wuert, dat vun er klénkt,

Graift ons an d'Séil 'wéi Himmelsteín

An d'A 'wéi Feier blénkt.

Besonnenesch populär Lieder gi gären als Vollekslieder bezeechent. Der 'romantiséierend' Virstellung, datt e Vollekslied am Vollek wilst, vu Generatioun zu Generatioun mündlech iwwerliewert an éngesonge gëtt, an et schlussendlech 'an engem Sammler schriftlech fixéiert gëtt, ass nëischt dergéintzehen.

Letztendlech gi vill bekannte Kompositiounen als Vollekslieder bezeechent, bei deem d'Leit sech kengem Komponist bewosst sinn. Vill Lieder z. B. aus den Edmond (Dicks) de la Fontaine senge Kameldistächer héiere sech hautesdags ewell Vollekslieder un.

D'Vollekslieder goufen zu Lëtzebuerg gesammelt. Zwou interessant Publikatiounen si Singendes Volk (1937, posth.) vum Mathias Thill³ an Die Luxemburger Volkslieder älterer Zeit (1904, posth.) vum Edmond (Dicks) de la Fontaine⁴. De Mathias Thill huet sech Lieder aus dem Vollek vun 'Gewährsleuten', also Zéien resp. 'sechere Quellen', wirsange gelooss an huet se opgeschriwwen. Bei all Lidd aus der Sammlung gëtt den Thill den Numm vum Virsänger ('Gewährsman/frau') an d'Plaz an den Datum, a wéini datt hien d'Lidd opgeschriwwen huet. Singendes Volk, dat mat der gréisster Suegfalt zesummege stellt gouf, ass déi wichtegst gréisste Sammlung vu lëtzebuergesche Vollekslieder.

79. D'Meedche vu Götzen.¹

Gemeinlich.

Et war emol e Meed-che zu Göt-zen, o-ho!
 Daat haat e - so ge - re sché Spül-zen, o - ho!
 Et war e-mol e Meed-che zu Göt-zen, daat haat e-so
 ge-re sché Spül-zen, o - ho! O - ho!

Auszuch aus Singendes Volk S. 217

Och den Edmond (Dicks) de la Fontaine, huet Vollekslieder an Die Luxemburger Volkslieder älterer Zeit gesammelt. D'Bedeitung vum Dicks senger Sammlung ass méi grouss ewell hire beschideenen Emfäng. Si ass aus der Fieder vun engem Auteur, dee sech intensiv mam Folklor an der Geschicht zu Lëtzebuerg beschäftegt huet. Si enthält Vollekslieder, déi haut nach bekannt sinn. Déi véierzeg Lieder sinn a fennef Kategorien opgedeelt: Kammerlieder, geeschlech Lieder, Lieder an der lëtzebuergescher Mondaart, Widderhuelungslieder an héichdäitsch Lieder. Anescht ewell den Thill, schreift den Dicks d'Lieder esou op, ewell hie se am Vollek huet. Nëmme vereenzelt verweist hien op aner Quellen. Hie berëft sech vinn allem op de Bekanntheetegrad vun de Gesäng a gëtt als Referenz de Blannen¹ un, deem des Lieder als Wandermuseker ënnert d'Volek bruecht hätt.

³ - Thill, Mathias: Singendes Volk - Volkslieder aus Luxemburg, Esch-Alzette: Kremer-Müller 1937
⁴ - De la Fontaine, Edmond: Die Luxemburger Volkslieder älterer Zeit, Luxemburg: Verlag Guillaume Stomps 1904 - Reprint Editions Emile Bortolotto 1981

8. Zu Arel op der Krippchen

Méieng gescheint

Zu A - rel op der Krip - chen Do
an dé Wei - ber frô. Se huo - le gier ting
Schlip - chen: Eng dréckt der a - ner zô Be - re -
leik dréck di - re - ß - re - leik Be - re - leik dréck
zô. Eng dréckt der a - ner zô.

Zweite Wieie

Zu A - rel op der Krip - chen Do
an dé Wei - ber frô, Do huo - le ß ting
Schlip - chen, Eng dréckt der an - er zô
Es söen dréi Gefrodeschen, * Am Wirtshaus bis an d'Moed, * Ma hrem Patinchen) * An dronken ting Ma or wöcht. * Berechn etc.

Zu Arel op der Krippchen: Zmw Melodievarianten aus: Die Luxemburger Volkslieder älterer Zeit gesammelt vum Edmond (Dicks) de la Fontaine (S. 37/38)

Lidder, déi sittlech a moralesch net ze vertriide waren, kommen net an dem Dicks säi Lidderbuch. Och den Thill leiest dës Lidder ewech weil sie entweder allzu derb und beleidigend sind oder keine interessanten Eigentümlichkeiten gegenüber bereits anderswo abgedruckten Texten und Melodien aufweisen⁵. Esou huet den Thill zum Beispill am Joer 1934 zu Hesper e Sportlid op d'Juden opgezeichnet, awer net publizéiert. Därelee Lidder weisen, datt och zu Lëtzebuerg eng gewësse Reservéiertheet géintiwier de Juden existéiert huet, an net erëischt zënter datt d'Nationalsozialisten an Däitschland un der Muecht waren.

Volleksmusek a vollekstëmlech Musek

Wat vollekstëmlech Musek bedeit, hält de Baty Weber a sengem Abreißkalender, enger Sammlung vu Kommentären zur Politik, Kultur a Gesellschaft zu Lëtzebuerg fest, an deem hien iwwert dem Manfred Hausmann säi Roman Abel mit der Mundharmonika schreibt:

18. September 1940

Morgen Peter!

Bitte seht, mein Name ist Abel.

Wieso Abel?

Abel mit der Mundharmonika.

Dabei zog Peter aus seiner linken Hosentasche eine gesetzlich geschützte

Hohner-Tango heraus, führte sie an die Lippen und blies: O du lieber Augustin,

Augustin, Augustin, o du lieber Augustin, alles ist hin!

Wunder dich nicht! sagte er. Ich lese eben zum dritten Mal den Roman von

Manfred Hausmann, wo auf dem Titelblatt der Abel sitzt und mit dem nack-

ten linken Fuß den Takt zu dem Lied schlägt, das er auf seiner Mundharmonika

bläst. Und neben ihm sitzt die unglaublich schlanke Corinna und lauscht seinem Spiel, in das von weit her die Meereswogen herein rauschen. Da komme ich nicht widerstehen, ich holte meinen Forzhobel aus der Schublade, und holte zugleich meinen Zupfgeigenhals und meine - na, hier schau her, da ist von Dir, das Heftchen mit den Luxemburger Volksliedern älterer Zeit, das „Lëtzebuerger Liederboch“ von Stomps, „d'Fëscher an d'Jee“ von Putty Stein und Peter Fäy, die Sammlung „Onserer Lieder a Gedichter“ von Nic. Gonner aus Dülque, die aus Blase ich in meinen Freistunden ein Liedchen nach dem andern vor mich hin ich komme mir vor, als flöge ich auf den Klängen meiner Mundharmonika durch vergangene Jahrhunderte. [...]

Dann griff Peter nach der Sammlung von Dicks. Ein Stückchen Humor! sagte er und schlug das Heftchen auf: 'Et go'ng emol eng Geëß Iwer d'Hesperenge Breck, sie loß all Schreck eng Bo'n zereck. Oder: Zu Arel op der Knippen ... oder: Wat aß dem Schneider sei No sekranz? Le'w Gefüdesch, d'Leichter röschen, sie sin all zum Deiwel zo'. Den Ern Steffen de fihrt mat Spe'n an d'Staadt. De Butemännchen: Soll ech a mei Gierche göhn a soll mei Gierche planzen. Und hast du schon das alte „Ave Maria“ gehört, sicher eines der heiligsten Muttergotteslieder, die jemals in unsern Kirchen erklangen?

Aha, hier steht in der Sammlung von Gonner ein Lied, das sie zur Zeit von Papa Spoo so oft in Esch gesungen haben: „den Ierzmann“, mit dem Kehrreim, den Jerzmao sot: Eis Bierger hu Verme'gen, Me'h we' 't Land vu Schenge bis no Be'gen“.

Peter machte eine Pause. „Wie schade,“ sagte er, „daß der Abel der Corinna nicht öfter durch die Mundharmonikā seine Liebe erklärte. Etwa so: „Und er hie voll innerer Ergriffenheit das Lied von Dicks: „d'Pierle vum Daa, dat sin deng Diamanten ... an dein treit Hiez ab meng Gleckse'legkeet.“

„Vielleicht,“ meinte Peter vertraumt, „vielleicht kommt doch einmal die Zeit, an die Luxemburger richtig verstehen, was ihnen ihr Dicks wert ist.“

Déi Lieder, déi de Batty Weber opzielt, sinn haut nach ville Leit zu Lëtzebuerg bekannt. Si si meeschtens aus Kënschtlerhand, also vun engem Komponist oder enger Komponistin, mat e puer Ausnamen, ewéi z. B. Zu Arel op der Knippen (vgl. Sait 632). Den Éim Steffen (vgl. Sait 198), déi Spillmänner ewéi de Bliannen Theis oder de Blianne Pully zu Lëtzebuerg verbroet hunn. E Volleksslied zeechent sech duerch mëndlech Iwwerliwwerung iwwert Raum an Zeit aus an huert doerduerch eng oppe Form. E vollekstëmlecht Lied ass opgeschriwwen, vücht eouguer gedréckt, an huert deementspriedhend eng eegestännege Form. Zousätzlechl ginn dacks och nach Suen domat verändegt. E sou eng idealtypesch Erneuerdung kann awer net oprechterhaie ginn, wann ee berücksichtegt, datt och vollekstëmlech Lieder opgeholl an transforméiert kënnen ginn. Dem Franz Magnus bënne mir kënnen vollekstëmlech Lieder 'zu wirklichen Volksliedern werden, sobald das Volk sie in seiner Art verarbeitet hat'.⁶

Vollekstëmlech Musek als Ausdrock vun engem nationale Gefill zu Lëtzebuerg

Zum Entstoe vun enger Nation gehéiert eng bestëmmt Kultur, eng Sprooch an eng industriell Entwécklung. De Pierre Grégoire⁷ huet a sengem Buch *Uwert d'Kulturentwécklung zu Lëtzebuerg* d'politesch Entwécklung zu Lëtzebuerg mam Opkomme vu verschiddene Beräicher an der Kultur a Verbindung bruecht. Dobäi spilt d'Lidd eng grouss Roll, fir e breeden Deel vun der Bevëlkerung an d'kulturell Entwécklung anzubannen.

De Manktem un nationale Momenter a Monumenter an der Volleksmusek beweegt e puer Lëtzebuurger Komponisten a Komponistinnen, awer och Textdichter, fir Musek resp. Texter am Stil vun der Volleksmusek ze schreiwen. Mam Edmond (Dick) de la Fontaine deen noweisbar Melodien an Texter geschriwwen huet⁸, fänkt d'Zäit vun dem Vollekstëmlechen an der Musek zu Lëtzebuerg un. An nëmmen engem Joer bréngt den Dicks 3 Kamédistécker op d'Bün: *De Scholtschäin*, *De Koséng* oder *Schwäz* oder *Blont* an *D'Mumm Séis* (1855).

Dei musikalesch Nummere sinn dacks einfach gehalten a klängen änlech ewéi 'richteg' Vollekslidder. A senge *Kirmesgesch* (1856) héit den Dicks och 'richteg' Vollekslidder op, ewéi z. B. *Léiw*, *Herrgotts Bliessen*, *D'Wedeche* vu *Götzen*, *Mumm Aneleis* an den *Hämmelmarsch* an d'et esou zur Populariséierung vun de Lidder bäi. Lidder ewéi *D'Pierle* vum Da, (vgl. Sait 308) engem Libeslidd aus *Op der Juch*, dat mat Metaphere schafft oder *Ech sinn* e groussen *Hexemeescher* (vgl. Sait 342) aus dem Stéck *D'Mumm Séis* kommen éischter enger Opernate méi no.

Dës Stécker sinn e bedeiende Schrëtt a Richtung vun enger eegestänneger Lëtzebuurger kultureller Identitéit.

De Schrëftsteller Michel Lentz hat niewent sengem Dichtertalent och alt emol deen een oder anere musikaleschen Afall. De Paul Uveling schreift: 'M. Lentz klomperte etwas Klavier.'⁹ Hien huet eent vun de bekanntste Lidder *D'Lëtzeburger*, spéider als *De Feierwon* bekannt ginn, geschriwwen (vgl. Sait 132). Mat sengem populäre Slogan am Refrain 'Mir wëlle bleiwen, wat mir sinn', huet de Lentz bei der Bevëlkerung eppes verstärkt, wat duerno a ville Publikationen als Nationalgefill bezechent gouf. Am Text kënnt den Nationalhoulert vun de Lëtzebuurger op eng speziell Manéier zum Virschäin: duerch eng attraktiv Melodie an duerch d'Besänge vun engem historisches Evenement, dat eng zentral Bedeitung fir Lëtzebuerg huet, nämlech d'Eisebunnverbindung zu den Nopeschänner.¹⁰ Dës Lidder ware fir d'Entstoen a beim Erausbild vum enger Onofhängegkeet, Identitéit an Eegestännegkeet vun enger Nation wichteg.

Mam Opkomme vun enger lénsliberaler Cabaretszeen zu Lëtzebuerg gëtt Ufank vum 20. Joerhonnert de Genre vum 'Chanson' beleeft. Textdichter a Komponisten ronderëm de Pouilly Stein inspiréiere sech un der internationaler Cabaretszeen, virun allem un der Franséischer, mat am Virgrond den 'Chat noir' um Fouss vum Paräiser Montmartre. Dës Cabaretslidden richte sech, a staarken Kontrast zu den Heemechts- an Naturlidder, mat enger zolierter Portioun Sarkasmus un de Lëtzebuurger Klengbierger.

⁷ Pierre Grégoire, *Lëtzebuerg: Kulturverfallung im neunzehnten Jahrhundert: eine kritische Darstellung des literarischen, künstlerischen und politischen Lebens (= Studien zur Geschichte des Lëtzeburger)*, von Pierre Grégoire Bd. 49), Luxemburg, Verl. „De Frëndeskees“ 1981. Vgl. L. Paul Zäiten, *Gewandelter Musek 1911 – 2011*, Hg. vum Fernand Kieffer, Emy Kohnbrück, Marie-Thérèse

⁸ Paul, *Von der Folklore bis zur Nationalhymne*, an: *nos cahiers* 6 (1985), 1, S. 59–75, S. 70.

⁹ Paul, *Von der Folklore bis zur Nationalhymne*, an: *nos cahiers* 6 (1985), 1, S. 59–75, S. 70.

D'Gesellschaft kritt de Spigel virgehale. D'Kierch, d'Fonctionnairen, d'Monarchie, d'Politik an d'Klenggeeschteggkeet gi kritesch a mat späzter Zoug beilicht. Vu konservativer Säit goufen dës nei Liddern staark kritiséiert, mee d'Leit fanne Gefallen u Liddern ewéi dem *Nationalmarsch* (vgl. Sait 520), deem d'Leit fanne Marsch bléist, *D'Lidd vum aarme Jang* (vgl. Sait 284), an deem d'aarmesäileg Liewe vum 'Beamten' nogezeechent gëtt, *D'Quiselen* (vgl. Sait 310), déi sech u Paschouer a Kierch ëm de Fanger wéckele léisst oder *Li-la-Loutsch*, an deem de Sträit tëschent Liberalen a Konservativen an der Chamber aus der Spuer geëilt.

Populär Musek zu Lëtzebuerg

Den Éischte Weltkrich bréngt eng nei Musek op Lëtzebuerg: den amerikaneschen Jazz. Den éischten Androck vun der neier Musek halen de Guill Lauff an de Peter Faber am Lidd *Jazzband* aus dem Joer 1922 fest (vgl. Sait 448).

Fir déi eng d'*'Apothéose des Unfrus'*, fir déi aner eng Zelebratioun vun der Fräiheet, bréngt dës Musek, och sproochlech, eng gewëssen Internationalitéit op Lëtzebuerg. De Pianist an Arrangeur Jean Rodéres arrangéiert englesch Liddern op etabléiert mat sengem Orchester aus bekannte Lëtzebuergeser Museker säin eegene Stil. Mat autochthonen Instrumenter ewéi déi hawaianesch Gitar, d'Ukulele, bréngt de Museker domat Kläng op Lëtzebuerg, déi den Nolauschterer a Vakanzregiounen versetzen. Obschonn hien déi meescht Liddern net selwer komponéiert huet, goufe se awer duerch seng Arrangementer populäriséiert. Dat wuel bekannste Beispill ass *Cigarettes and whiskey*, interpretéiert vum Johnny Home.

Zu der Populariséierung vun de Liddern, déi ëmmer méi fir e breede Publikum produzéiert giinn, droen zu Lëtzebuerg zënter den 1930er-Jore Radio Lëtzebuerg, de Medium Plackespiller, dee sech zënter den 1950er-Joren bestänneg an den Haushalter verbreet an natierlech de Fernsee an d'Kinoen, bäi. Iwwert dës Medië giinn och muench Interpretéieren an Interpretinne populär a giinn de Liddern e Gesichts an e Charakter.

An den 1960er-Jore gëtt d'Koppel Colette a Fernand zu Lëtzebuerg mat hirem *'Hit De Jang'* fir den *Houwald* 'rop (vgl. Sait 154) bekannt. Déi gut Verkäufstiteel vun der Single bréngen hinnen eng gëlle Plack vum Produktiounshaus Eddy Noël an. De Fernand Wark schreift nei lëtzebuergesch Texter op bekannt, international Melodien (*Am klengen Bistro*) (vgl. Sait 44). D'Koppel interpretéiert nei Liddern u Lëtzebuergeser Auteuren a Komponisten (*Mir fléien op de Mound*) (vgl. Sait 50) oder reinterpretéiert eeler Lëtzebuergeser Liddern (*D'Hechtercher aus der Stad*) (vgl. Sait 252).

Zur selwechter Zäit ass de Museker a Sänger Fausti Cima aktiv, virun allem op däitsch internationalen Plang, als Showbatterie oder als Interpret vu Parodien op däitsch Schlager. Als Fausti gëtt hien zu Lëtzebuerg an den 1980-Joren duerch seng Zesummenaarbecht mam Jang Linster a mam Ab van Goor bekannt. Traditionell Lëtzebuergeser Liddern giinn nei interpretéiert a vun der Produktioun hien, verstäerkt op Vollekfester ewéi z. B. d'Fuesend zougesehniden. Och nei Kompositiounen ewéi *Znou Bulle Mokka* (vgl. Sait 634) oder *Vachegilft* (vgl. Sait 606) presentéiere Lëtzebuergeser Texter a wuchtegem Parodykläng.

D'Dullemajik ronderëm de Guy Schons hale mat hiren Interpretatiounen vu Lëtzebuerger Klassiker dergéint, andeems si mat akusteschen Instrumenter a feinen Arrangementer dem Liddtheema an den Texter méi Wichtigkeet ginn.

Mam Lidd **Belsch Plaasch** (vgl. Sait 86) léisen de Serge Tonnar a seng Band Legatip am Joer 2011 den nächsten Opdrift fir d'gesellegt Lidd zu Lëtzebuerg aus. An engem méi folkrockege Sound produziéiert si eng Retsch Lieder zu alldeeglechen a gesellschaftskritischen Theemen, déi séier esou beleeft ginn, datt si am Joer 2014 de groussen Auditoire vun der Lëtzebuerger Philharmonie geféilt kréien.

D'Lëtzebuerger Sprooch ass mëttlerweil an alle populäre Museksformen a -genreën, vum Rocklidd bis zum Rapsong, ukomm an akzeptéiert.

A wann d'Lieder sech sange loosse, da sangt mat. Duerfir garantéiert weiderhi Gruppen ewéi d'Dépegéisser, d'Kummemecken, Schéppe Siwen, Benny and the bugs, d'Toxkäpp oder d'Cojellico's Jangen, fir der nëmmen e puer ze nennen.